ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Bei verschiddene Presentatiounen ass eng Ofzweigung vun der Tramslinn um Kierchbierg virgestallt ginn, déi laanscht de Boulevard Konrad Adenauer um Kierchbierg soll goen.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1) *Gëtt e schonns konkret Pläng dir d'Extensioun vum Tram um Kierchbierg?*
2) *Géif fir eng Linn a Richtung Boulevard Konrad Adenauer en Deel vun der Gréngzon, wéi si am PAG laanscht de Circuit de la Foire, dem Boulevard Pierre Frieden an dem Boulevard Konrad Adenauer opgezeechent ass, geopfert ginn?*
3) *Géife fir esou eng Tramslinn weider Deeler vun dem Naturschutzgebitt Natura 2000, agedroen als "LU0001022 Grunewald", geopfert ginn?*
4) *Ass d'Regierung net der Meenung, datt déi ganz wéineg Natura 2000 Gebitter, déi et um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg gëtt, onbedéngt mussen erhale ginn?*

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique